

## Wëllkomm an der Muselmetropol!

Endlech kënnen mer erëm d' Lëtzebuurger Wäikinnigin feieren.

No engem Joer Paus fënnt d'Maacher Wäifest dëst Joer also erëm statt. D'Traditioun an de Miseler Way of Life si méi staark wéi de Coronavirus.

D'Pandemie huet eis bewisen, datt de Mënsch net gemaach ass fir eleng ze sinn. Besonnesch hei op der Musel wëlle mer zesumme feieren, zesumme prosten, eis einfach ameséieren.

Dofir hu mer zesumme mam Comité des Fêtes decidéiert, dëst Joer d'Wäifest ofzehalen, awer an enger ofgeänneter, ganz flotter Manéier, wou d'Ambiance, de Wäin an de Crémant an natierlech eis Lëtzebuurger Wäikinnigin mat hire Prinzessinnen am Méttelpunkt stinn.

Eis Wënzer haten och keen einfacht Joer. Wann een der Covid-Kris eppes Positives wëllt ofgewannen, ass et, datt vill Leit „Produits du terroir“ entdeckt hunn. Vill Leit hunn endlech eis exzellent Wäiner an Crémanten entdeckt. Eis Wënzer hun et verdéngt ënnerstëtzt ze ginn.

Ech wëllt op dëser Plaz e ganz grouse Merci dem Jessica Bastian soen. Hatt huet sech bereet erkläert zwee Joer laang Wäikinnigin ze sinn, och wann hatt duerch d'Pandemie leider bal keng Optrëtter hat.

Ech félicitéieren dem Lee Risch, der neier Wäikinnigin, a soe Merci, datt hatt bereet war ee Joer ze waarden, fir d'Kroun opgesat ze kréien. Ech wënschen him an senger Prinzes-



**Léon GLODEN**

Député-maire

sinnen e flott Joer als Ambassadrice vun der Lëtzebuurger Musel.

Ech soen och dem Comité des Fêtes, mat un der Spëtzt senger Presidentin, dem Carole Clemens, e grouse Merci, sou wéi alle Maacher Veräiner. Si hu sech zesumme geden, fir e flott Fest, am Respekt vun de Covid Mesuren, op d'Been ze kréien. Si hunn eng grouss Solidaritéit bewisen.

Ech sinn iwerzeegt, datt mer och an deem méi klengen Kader 3 flotter Deeg zu Gréiwemaacher erliewen.

Vive d'Lëtzebuurger Wäikinnigin!

Vive d'Muselmetropol Gréiwemaacher!

Vive eis Musel an ise Miseler Way of Life!

Prost!